

Majoritéitsfraktiounen, déi hei hir Beiträg geliwwert hun, an der Kommissioun an an der Debatt, merci soen.

Ech mengen, dat hei wär e gutt Gesetz, an ech mengen, et wär e Beitrag, deen d'Lëtzebuenger Land géif méi komplett maachen, wéi et virdru war, ier mer dat Instrument haten. Wann een dat Instrument hei zerstéiert hätt, wär d'Lëtzebuenger Land zwar an der Situatioun gewiescht, dass et eenzel Steiererliichterungen nët hätt brauchen ze gin, et wär awer wesentlech méi aarm doduerch gin.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun as clo ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Domat wärem mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Mueren ukomm. Déi nächst Sitzung as haut de Mëtten um halwer dräi.

D'Sitzung as opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.48 heures)

16^e séance

Mercredi 16 décembre 1998

Présidence

M. Jean Spautz, Président

M. Henri Grethen, Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt de quatre projets de loi
 2. Composition des Commissions parlementaires
 3. Projet de loi 4488 portant habilitation pour le Grand-Duc de régler certaines matières (*Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)
 4. Projet de loi 4379 concernant le service volontaire (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 5. Projet de loi 4422A autorisant l'Etat à participer aux dépassements résultant de la construction des stations d'épuration de Pétange, de Mamer et du SIAS (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 6. Projet de loi 4446 autorisant l'Etat à participer au financement des travaux d'agrandissement et de modernisation de la station d'épuration biologique interrégionale Echternach/Weilerbach (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 7. Projet de loi 4465 portant modification et refonte de la loi modifiée du 13 décembre 1988 instaurant un régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'investissement audiovisuel et de la loi du 11 avril 1990 portant création d'un Fonds national de soutien à la production audiovisuelle (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 8. Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 1997 - No 4497 (*Rapport de la Commission des Comptes - Discussion générale - Vote*)
 9. Projet de loi 4477 relatif a) à la transformation et à la restauration des maisons Printz et Richard à Luxembourg; b) aux travaux supplémentaires concernant l'agrandissement et la transformation du bâtiment de la Chambre des Députés ainsi qu'à l'aménagement des installations multimédias afférentes (*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi*)
 10. Proposition de loi 4424 sur le remboursement partiel des frais des campagnes électorales aux partis et groupements politiques engagés dans les élections à la Chambre des Députés et au Parlement européen (*Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 11. Projet de loi 4477 (*Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 12. Projet de loi 4305A portant création de deux établissements publics dénommés 1) Centres, Foyers et Services pour personnes âgées; 2) Centres de gériatrie
- Projet de loi 4305B autorisant le Fonds national de solidarité à participer au prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil gérontologique aux usagers des centres intégrés, maisons de soins, centres socio-gérontologiques et foyers de jour psychogériatriques (*Rapport de la Commission de la Famille et de la Solidarité sociale*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; M. Robert Goebbels, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Michel Wolter, Georges Wohlfart et Luc Frieden, Ministres; Mme Lydie Err, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sëtzung as op.

Huet d'Regierung der Châmber irgendwelch Kommunikatiounen ze maachen?

(Assentiment)

Den Ausseminister Jacques F. Poos huet d'Wuert gefrot.

1. Dépôt de quatre projets de loi

M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.- Je suis particulièrement satisfait de pouvoir déposer à la Chambre des Députés une semaine après la commémoration du 50^e anniversaire de la Déclaration universelle des Droits de l'Homme le

- projet de loi 4502 portant approbation du Statut de Rome de la Cour Pénale internationale, fait à Rome, le 17 juillet 1998.

Ensuite je suis autorisé à déposer à la Chambre des Députés le

- projet de loi 4503 portant approbation des amendements aux articles 24 et 25 de la Constitution de l'Organisation mondiale de la Santé, adoptés par la résolution WHA 51.23 de la cinquante-et-unième Assemblée mondiale de la Santé, à sa dixième séance plénière, le 16 mai 1998.

Un troisième dépôt concerne le

- projet de loi 4504 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Tunisienne tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 27 mars 1996.

Enfin un quatrième dépôt concerne le

- projet de loi 4505 portant approbation de la Convention commune sur la sûreté de la gestion du combustible usé et sur la sûreté de la gestion des déchets radioactifs, fait à Vienne, le 5 septembre 1997.

M. le Président.- D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun dene 4 Projets de loi duerch den Ausseminister Jacques F. Poos, a si gin un déi zoustänneg Kommissiounen weidergeleet.

2. Composition des Commissions parlementaires

Folgend Ännerungen an der Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen si virgeschloë gin:

1. An der Commission spéciale "Stupéfiants" ersetzt den Här Nicolas Estgen d'Mme Ferny Nicklaus-Faber.

2. An der Commission des Affaires communales et de l'Urbanisme ersetzt den Här Nico Loes d'Mme Ferny Nicklaus-Faber.

3. An der Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle ersetzt d'Mme Nancy Arendt d'Mme Ferny Nicklaus-Faber.

As d'Châmber domat averstanen?

(Assentiment)

Et as also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zu der Diskussioun iwwer de Projet de loi 4488 iwwer d'Vollmachten vum Grand-Duc. Déi Häre Jean-Paul Ripinger, Jean-Pierre Klein, Gast Gibéryen a François Bausch hu sech bis elo ageschriwwen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

3. Projet de loi 4488 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières

Rapport de la Commission juridique

M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Vollmachtengesetz huet an dësem Land eng laang Traditioun. Dat éischt Gesetz vun dësem Genre as de 15. März 1915 gestëmmt gin, wou fir d'éischte Kéier de Grand-Duc d'Recht kritt huet, fir iwwer Reglementer am wirtschaftleche Beräich Mesüeren ze huelen. Duerno hun d'Gesetze vum 10. Mee 1935, vum 27. Dezember 1937, vum 28. Dezember 1938, vum 29. August 1939 a vum 24. Dezember 1946 ëmmer erëm dem Grand-Duc d'Vollmacht gin, fir iwwer Reglement gewësse Mesüeren ze huelen.

Dëst Vollmachtengesetz as ënner dene verschiddene parlamentaresche Majoritéiten adoptéiert gin, an d'Opposition huet grad esou sympathesch ëmmer dogéint gestëmmt, egal wat fir eng Partei an der Majoritéit, respektiv an der Opposition war.

Dëst Jor brécht awer mat zwou jorzéngtelaangen Traditiounen, nämlech éischstens mat där, datt d'Vollmachtengesetz ëmmer zum Schluss vum Programm als allerleschte Punkt vun dësem Haus approuvéiert gin as, an zweetens, datt de Staatsrot ëmmer erëm dëse Projet positiv aviséiert huet, dëst ouni weider Bedenken, souwuel verfassungsrechtlecher wéi anerer Natur. Dëst Briche vun Traditiounen huet dann och dozou gefouert, datt de Rapporteur, nët wéi déi vieregte Jor, einfach de Rapport vum leschte Jor méi oder wéineger ofgeschriwwen huet, mä dëst Jor huet hie sech misse méi laang mat de Kriticke vum Staatsrot befaassen, op déi ech dann och a méngespeideren Ausféierungen e bësse méi am Detail agoë wëll.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei nët weider méi op d'Objektiver vun dësem Vollmachtengesetz agoen, déi Iech alleguer bekannt sin. Den Objet vum Vollmachtengesetz as deen, während enger limitéierter Zäit vun engem Jor dem Grand-Duc d'Méiglechkeet ze gin, fir iwwer Reglementer am wirtschaftlechen a fi-